

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 26 Oktober 2021

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Jean-Jacques BUTTEL	José FERNANDES (entschëllegt)	
Philippe CHENNAUX (President)	Claude HETTINGER (entschëllegt)	
Pierre ESPEN		
Marc FRANK		
Jacques HUSS		
Carlo KOEPP (Sekretär)		
Patrick KRAEMER		
Joske VOSMAN (Vize-President)		
Ambrus PORCSIN		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst.

- Begréissung a Präsenzläscht
- 1. Remarquen zum leschte Rapport
- 2. Klimateam, a Neies vum Klimapakt
- 3. Revue vun offenen Punkten
- 4. Zukünftegen Aarbechtsplang
- Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 21. September 2021 ass ouni weideren Kommentar ugeholl ginn.

Punkt 2 : Klimateam, a Neies vum Klimapakt

De President, huet rapportéiert iwwer déi éischt Sëtzung vum Klimateam an dësem Semester, leschten Freideg den 22 Oktober. Den Guy Schmit vun der Firma **1nergie** vun Habscht ass eisen neien Beroder an hien léist domadder den Marc Steinert vun MC of.

Am leschte Rapport ass rappeléiert ginn dat et wichteg ass datt **min. 40% vum viregten Klimapakt bis Enn November am Klimapakt 2.0 ëmgesat ginn**, fir d' Subsidien kënnen weider ze kréien, ëmmerhin 10€/Awunner. Bei 50% läit de Betrag schonn bei 25€ asw. No Aschätzung vum Klima-Beroder léie mir iwwer 40% Enn November. De Fortschrëtt däi mir als Klimateam am Klimapakt festhalen gëtt natierlech regelméisseg auditéiert, all 3 Joer oder méi oft.

Wat d' Klimateam selwer ubelaangt mengt den Philippe, dat d' Zuel vun de Memberen net ze grouss soll sinn. En aneren Aspekt ass d' Organisatioun, z.B. ënnerscheet een zwëschent Administration a Publik, also Bedeelegung vu Bierger, oder kreéiert een Aarbechtsgruppen déi un spezifischen Sujeten schaffen? Dat muss iwwerducht ginn fir eng efficace Struktur opzestellen, déi ee konsequent Weiderkommen garantéiert. Besonnesch wichteg ass awer Transparenz vum Klimateam par Rapport zu den Matbierger vun der Gemeng.

Punkt 3 : Revue vun offenen Punkten

An de verrëschten Sëtzungen sinn verschidden Sujeten net ofgeschloss ginn, ënner anerem d' Baby Wëndelen aus Stoff an den Thema "Hondsoffäll".

Zu den Stoffwëndelen hu mir festgehal, dat Gemeng dat nach eng kéier am Buet oder am Bliedchen publizéiert. Sollten sech méi Elteren dozou mellen, kann een eventuell eng Gruppenberodung an der Gemeng organiséieren. Grondsätzlech fannen d' Elteren am Internet mam Sich-Begrëff "Stoffwëndelen" awer all d' Informatiounen op lëtzebuergeschen Säiten déi si dozou brauchen.

Domat könnte mir dëse Punkt als ofgeschloss consideréieren

Zu den Hondsoffäll kann een feststellen dat et nieft den Plastikstuten net vill Alternativen gëtt, huet den Joske rapportéiert. Recherchéiert een um Internet, fënnt een vereenzelt och Produkter aus Pabeier, déi awer net praktesch benotzbar an Distributeuren. An der Stad Wien, bericht de Carlo, gëtt et och just Spender mat Plastiks Sacheten.

Domat consideréieren mir de Punkt Hondsoffäll als ofgeschloss

Punkt 4 : Zukünftigen Aarbechtsplang

An der Kommissiounssëtzung goufen verschidden Schwéierpunkten ugeschwat. Natierlech si mir fro, an dat wëlle mir betounen, och Demanden vum Gemengerot kënnen ze traitéieren, fir eisen Avis dozou ofzeginn.

De follgend Sujeten goufen beschwat:

- Méiglechkeeten an Alternativen fir **Energie lokal ze produzéieren**. Et gouf vu Wand, Waasser a Solar geschwat ouni awer dës kéier de Sujet ze verdéiwen.
- **Vëlosweeër an d' Verbannen vun den Gemengen Dierfer**, woubäi et drëms geet fir mam Vëlo tëschent den Dierfer kënnen ze fueren, fir Alldag a net fir Fräizäit Zwecker, an dat ouni Auto, a méiglechst um direkten Wee ouni Ëmweeër kräiz a quier.

Den ORT (Office Régional du Tourisme) gouf erwäant, dee jo verschidden "Pistes cyclables" affichéiert, ënner anerem, als gutt Referenz, déi **vun der Atert**, déi vun Péiteng duerch Useldeng a Béiwen bis op Ettelbréck geet.

Referéiert een sech um "Geoportail" dann gëtt et an der Gemeng Helperknapp net vill offiziell Vëlospisten. Fir een Ausbau ass sécherlech d' Kooperatioun mam ORT an der Pons et Chaussées wäertvoll.

- **Beliichtungen, öffentlech an allgemeng**, am Kontext vun Energie-Spueren an Sécherheet:
 - Ugeschwat gouf ob Stroossenluuchten am Gemengen Perimeter schonn ëmgestallt sinn op LED an eventuell och mat Dimmer wéinst der Liicht-Pollutioun. Nach net vollstänneg nom Philippe, mee hien kuckt dat no. Et gouf dorops higewisen, datt d' Norëschten vun eeleren Luuchten net ëmmer einfach an och net ëmmer ekonomesch ass.
 - Et gëtt Bedenken datt d' Haaptstrooss zu Brouch, um Niveau vun den Zebrasträifen, net korrekt beliicht ass, well am Auto gesäit een d' Leit net gutt.
 - Bei der Bannenbeliichtung war net kloer ob en Austausch vun de Bieren op LED Sënn mécht fir Stroum ze spueren. Den Aspekt ass net gewosst an duerfir genau z'iwwerpräiwen.
- Ëmmer méi **Veranstaltungen an der Gemeng** sollten künfteg als **Green Event** stattfannen. Dozou missten verschidden Initiativen ergraff ginn, wéi z.B.:
 - Opriff un d' Veräiner.
 - Erfahrungsaustausch, vun der Kommissioun, mat engem Veräin deen dat schonn duerchgezunn huet.
 - Organisatioun vun enger Informatiounsowend, haaptsächlech fir d' Veräiner, zesummen mat GREEN.EVENTS Lëtzebuerg.
 - D' Virreider Roll vun der Gemeng bei engem Event wéi z.B. de Nationalfeierdag
- **Sécherheet um Schoulwee** als Beispill den Pedibus, den säit dem September als Pilotprojet an der Stad agefouert gouf mat dem But den privaten Autosverkéier an Schoul ze reduzéieren. Passend dozou mussen d' Foussweeër garantéiert an ofgeséichert ginn.
- **Autosverkéier an den Dierfer** mat Akzent op d' Vitesse an de Stroossenkaméidi, béid Sujeten fir d' Nohaltegkeet am Bezuch ob Gesondheet fir d' Awunner an Sécherheet fir d' Foussgänger.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung gouf festgeluecht fir de **9 Dezember 2021 um 19h00** an der Koll, weiderhin ofhängeg vun eventuellen Covid Moosnamen. **Invitéiert gouf SDK**

Unhang:

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.